Grousselterecafé – Do wou Grousselteren sech begéinen

De Club Senior Muselheem mat der Eltereschoul Osten an der Kommissioun fir sozial Froen an 3. Alter vun der Gemeng Gréiwemaacher organiséieren zweemol am Joer (am Abrëll an Oktober) ee Gespréichsgrupp fir Grousselteren. An enger flotter Atmosphär ronderëm eng Taass Kaffi diskutéiere mir iwwert déi Themen, déi Grousselteren haut interesséieren.

An dësem Grousselterecafé geet et elo em d`Thema: **Léieren méi liicht gemaach, d`Hausaufgabesituatioun mat eisen Enkelen!**

Wat heescht eigentlech „léieren“? Wéi eng Léierschwieregkeete gëtt et a wat kann een dogéint maachen? Wéi schaaft een eng gutt Léieratmosphär? Wéi vill Encadrement a wéi vill Eegestännegkeet brauche Kanner? Wéi kann ech mäin Enkel motivéieren? Wat maachen ech wa mäin Enkel zéi ass wann et em d`Hausaufgabe geet?

Datum an Zäit : Mëttwoch, 5. Oktober 2016 vu 15:00 -17:00 Auer

Plaatz : Kulturcafé am Kulturhuef, 54, route de Trèves, L-6793 Grevenmacher

Moderatioun : Mme Manuelle Waldbillig-Schank, Pédagogue, Thérapeute systémique et experte en dyslexie

Umeldung : Mellt Iech w.e.g. bis den 26. September um 74 87 21 23 (Club Senior Muselheem) oder um 27 07 59 65 (Eltereschoul Osten) un.

Eltereschoul Janusz Korczak

clubsenior muselheem

Aides et Soins à Domicile · Centre de Jour · Club Senior

Ville de Grevenmacher